N° 4695
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Den 12. Juli 2021, méindes moies um 8 Auer, ass de sougenannten "Waringo-Rapport" an der Chamber virgestallt ginn. Zënterhier gëtt gemunkelt, dass d'Ministeren dee Rapport schonn éischter konnte ganz oder deelweis agesinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Waren der Madamm Minister scho virum 12. Juli 2021, 8 Auer, Elementer oder Deeler aus dem Rapport bekannt?
2) Wéini genee krut d'Madamm Minister dee Rapport oder Deeler vum Rapport?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 21 juillet 2021

Réf. 2021/4014

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 4695 de Monsieur le Député Fred Keup.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille relative à la question parlementaire n° 4695 de Monsieur le Député Fred Keup, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne Cahen

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 4695 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwert de „Waringo Rapport".**

Ech hu Kenntnis geholl vum Här Waringo sengem Rapport Méindes Muerges, den 12 Juli 2021, um 08.00 Auer an der Chamber. Ech hu weder de ganze Rapport, nach Deeler vum Rapport do virdru gesinn.